N°4266
Entrée le 21.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 4266 vum 18.06.2026 vun dem honorablen Deputéierten Marc Goergen betreffend d'Reeszait vum Tram op der Streck Belval – Stadion**

*Wéi vill zousätzlech Reeszäit entsteet duerch d'Ännerung vun der Haltestell beim GridX op der Streck Belval - Stadion am Verglach zu den Zuelen, déi am Joer 2024 präsentéiert goufen?*

Luxtram erkläert, dass duerch d'Haltestell vum Tram zu Wickreng/Steebrécken op der Streck Belval – Stadion eng zousätzlech Reeszäit vun manner wéi enger Minutt entsteet.

De Rescht vum Ënnerscheed an der Reeszäit – am Ganzen ongeféier 2 Minutten an 10 Sekonnen – ass op déi haut méi ausgeräiften Etüden am Verglach zu fréiere Planungen zeréckzeféieren. Dobäi huet sech ënner anerem erausgestallt, datt et net méiglech ass, mat deem liichte Rullmaterial, wéi et haut an der Stad agesat gëtt, eng Héchstvitess vun 100 km/h z'erreechen. Och den ugepasste Gesamttracé tëscht Belval a Stadion dréit zu dësem Ënnerscheed bäi. Gläichzäiteg erlaabt den Asaz vum méi liichte Rullmaterial awer, de séieren Tram ouni Ëmklammen iwwer d'Netz vun der Linn 1 weiderfueren ze loossen. Béid Feststellunge ginn aus de méi detailléierte Tracé- an Exploitatiounsetüden ervir.

Lëtzebuerg, den 16.07.2026

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes